# STAARK KANNER



staArk
kanner

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse


"Ohh Mammi, dat war eng schéi Geschicht. Ech wëll och esou ee Superheld si wéi deen am Buch!"
„Jo, ech wëll dat och! Mee kënne mir dat dann?"
„Wooow, cooo!!"
„Ma dir sidd dach scho staark! Dir musst nëmme ganz fest un iech gleewen! An elo schlooft gutt an dreemt schéin."


„Moie Ben, Moie Lisa. Sidd dir prett fir an d'Schoul, Kanner?"
„Ma Bomi, mir sinn net de Ben an d'Lisa,..."
„...mir si SUPERHELDEN!"
"Wat eng Fantasie déi Kleng dach nach hunn."



„Ohh, kuckt emol, duerch dee ganze Reen ass de Wee ganz iwwerschwemmt. Ech kommen do net eriwwer."
Oohh oohh, Bomi an Nout, mee kee Problem, d'Superhelde si prett fir ze hëllefen.
„Waart, Bomi, ech fléien eriwwer a bauen dir eng Bréck."
„Ohh mei, dat ass awer wäit, maach lues!"


„Kuck Bomi, kloter iwwer déi zwee Brieder an du gëss net naass!"
„Ohh Ben, Lisa, dat ass jo super!"
Déi Kleng erstaune mech ëmmer nees!


Oohh oohh, Kanner an Nout, mee kee Problem, de Ben Superheld ass do a prett fir ze hëllefen!
„Hey, firwat streit dir?"
„Ech hat d'Trottinett fir d'éischt!"
„Hatt wëll eis net fuere loossen!"


„Ahh, ech verstinn: dräi Kanner, eng Trottinett. Wëllt dir iech net ofwiesselen? Esou ka jidderee fueren. Ech passen och op, dass kee méi laang fiert wéi deen aneren. Esou kommt dir allen dräi drun, éier d'Paus eriwwer ass."
„Ok!"
„Jo, Ok!"
„Merci Ben!"


Oohh oohh, klenge Jong an Nout, mee kee Problem: d'Lisa Superheldin ass do a prett fir ze hëllefen!
„Wat ass da lass?"
„Não estou a perceber o que tu estás a dizer."


„Ahh, du schwätz portugisesch. Olá, como te chamas?"
„Edgar."
Lo kann hatt och nach portugisesch schwätzen!
„Dat hues de gutt gemaach, Lisa."


„An, dir kleng Superhelden, war et flott an der Schoul?"
Oohh oohh, klenge Villchen an Nout, mee kee Problem, d'Super-helde sinn do a prett fir ze hëllefen!
„Deen Aarmen! Do schéngt awer kee méi am Nascht ze sinn. Mir huelen hie mat a bauen him ee richtegt schéint Vullen-haischen a fidderen hien, bis en erëm fléie kann."
B


„Dat Villerchershaus gesäit jo mol net esou schlecht aus."
„Ech maachen him et awer nach méi schéin a sträichen et faarweg un."



„Mammi, Mammi, du has Recht, eisen Dram huet sech erfëllt."
„Ma sécher, meng kleng Helden! Mä villäicht sidd dir och einfach nëmme méi staark wéi dir mengt. Wann dir nëmme fest un iech gleeft!"
„Mir si keng KLENG Helden, Mammi, mir si SUPERhelden!"

„Mir Kanner, mir sinn
einfach staark!"



staark Kanner

## Léif Elteren, an eiser Geschicht geet et ëm staark Kanner. Mir hunn dat Thema ganz bewosst gewielt, well mir d'Bild vum staarke Kand vertrieden an ënnerstëtzen.



Kanner hunn een enormt Léierpotenzial. Si huelen hir Liewenswelt vun Ufank u mat alle Sënner wouer an erfuerschen se. Natierlech sinn d'Kanner keng Superhelde wéi hei an der Geschicht. Mee all Kand, egal wéi kleng oder grouss, wéi gesond oder krank, huet seng ganz eege Stäerkten, déi et gëllt ze erkennen, ze ënnerstëtzen an ze fërderen.

**Dës kleng Geschicht weist e puer alldeeglech Situatiounen, un deenen ee gesäit, dass Kanner duerchaus staark sinn:**

An der éischter Situatioun sprange Kanner iwwer e grousse Pull, domat weisen si, dass si aktiv sinn, Kierperbewosstsinn an een natierleche Beweegungsdrang hunn. D'Bomi ass dat opgrond vun hirem Alter net méi. D'Kanner hunn eng Léisung fir si fonnt, woumat hir Kreativitéit illustréiert gëtt.

An der nächster Situatioun schwätzt a versteet d'Lisa e puer Wierder portugisesch. Dëst weist, dass Kanner kommunikativ an oppe sinn a relativ liicht nei Sprooche léieren.

Am Schoulhaff weist de Ben, dass e problemléisungsfäeg ass a scho gewësse Konfliktfäegkeete besëtzt.

Déi lescht Situatioun mam Villche weist, dass Kanner Verantwortung iwwerhuelen.

An de Crèchen an an de Maison-relaise gëtt sech un den Nationale Kader fir non-formal Bildung (cadre de référence pour l'éducation non formelle) gehalen, dee mat dem neie Kanner- a Jugendgesetz op de Wee bruecht gouf a pedagogesch Qualitéit duerch eng Rei Moossnamen hei am Land séchere soll. Dësen nationale Kader orientéiert sech un de wëssenschaftlechen Erkenntnesser zur Entwécklung vun de Kanner. Dat gëllt och fir d'Bild vum "staarke Kand". Woumatt mir mengen, datt all Kand Potenzial huet. Dovun ginn d'Educateuren aus, wann si hir Aktivitéite plangen.

Den nationale Kader gesäit ausserdeem verschidden Handlungsfelder vir, déi drop ausgeluecht sinn, fir d'Kanner an der Entwécklung vun hire Stäerkten a Kompetenzen ze ënnerstëtzen.

Déi éischt Situatioun an eiser Geschicht, wou Kanner iwwer de Pull sprangen, entsprécht beispillsweis dem Handlungsfeld Beweegung, Kierperbewosstsinn a Gesondheet vum nationale Kaderplang vun der non-formaler Bildung.

Kanner si begaabt, wat d'Léiere vun neie Sprooche betrëfft a léieren déi méi schnell ewéi déi Erwuessen. Dës Fäegkeet léisst sech dem Handlungsfeld Sprooch, Kommunikatioun a Medie vum nationale Kaderplang zouuerdnen, deen och d'Förderung vun der Méisproochegkeet ënnerstëtzt.

Staark Kanner wäertschätzen sech selwer, sinn ausgeglach a kënne mat anere schaffen. Dës Kompetenze loossen sech dem Handlungsfeld Emotiounen a Bezéiungen zouuerdnen.

D'Baue vum Nascht weist doriwwer eraus, dass Kanner motoresch an technesch Kompetenzen hunn, kreativ sinn an net fäerten, Neies auszeprobéieren. Wat esouwuel dem Handlungsfeld Naturwëssenschaft an Technik, wéi och dem Handlungsfeld Ästhetik, Kreativitéit a Konscht entsprécht.

Déi lescht Situatioun mam Villchen illustréiert d'Handlungsfeld Wäerter a Participatioun.

Am Austausch mat hirer Ëmwelt a vertraute Persounen entwéckelen d'Kanner hir Kompetenzen. Kanner sinn einfach staark. Si si kleng Perséinlechkeeten, déi et ëmmer erëm fäerdegbréngen, eis ze iwwerraschen. Eis Aufgab als Elteren ass et, si méiglechst gutt op hirem Wee zu engem staarke Wiesen ze ënnerstëtzen.

**An deem Sënn wënsche mir Iech, léif Elteren, ganz vill schéi Momenter mat Äre staarke Kanner.**

staark kanner

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

www.staarkkanner.lu

**IMPRESSUM**

Illustrations: **Andy Genen**
Texte: **Service national de la jeunesse**